LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 13 JAN. 2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

REÇU
Par Alff Christian , 17:22, 13/01/2021

Service Central de Législation
Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°3287 du 11 décembre 2020 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant l'organisation des transports publics lors des fêtes de fin d'année, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op déi parlamentaresch Fro n°3287 vum 11. Dezember 2020 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwert d'Organisatioun vum ëffentlechen Transport iwwert d'Feierdeeg

1. **Kann de Minister präziséieren, ob a wéi den ëffentlechen Transport iwwert d'Chrëschtdagsfeierdeeg organiséiert gëtt? Gëtt dofir gesuergt, datt Persounen a systemrelevante Beruffer ouni Auto dës Deeg mobil bleiwen?**

   Den ëffentlechen Transport ass wéi déi aner Joeren iwwert d'Chrëschtdeeg gefuer, sou datt jiddereen, deen op dësen Deeg geschafft huet, mam ëffentlechen Transport op seng Aarbecht komm ass. Wéi all Joer ass den ëffentlechen Transport de 24. Dezember just bis 20.00 Auer gefuer. De 25. huet den Déngscht mueres ab 08:00 erëm ugefangen, an ass nom Sonndeg/Feierdagshoraire gefuer. Bei der AVL ass de 26. Dezember och den Déngscht eréischt mueres ab 8:00 ungaangen.

2. **A wéi engem Takt wäert den ëffentlechen Transport iwwert d'Chrëschtdeeg organiséiert ginn?**

   Op de Chrëschtdeeg sinn d'Zich an d'Bussen nom Sonndesfuerplang gefuer. All Zuchlinn ass wéinstens eemol an der Stonn bedéngt ginn. Am allgemenge sinn d'Linnen owes bis géint 23:30 gefuer a wéinst der Späerstonn ass keen Nightbus um Réseau vum TICE oder vun der AVL gefuer.

3. **A wéi engem Takt wäert den ëffentlechen Transport fir Silvester organiséiert ginn?**

   Op Silvester ass de Fuerplang vun engem normale Schaffdag ugebuede gin. Wéngt der Ausgangsspär a well souwisou keng Partyen erlaabt sinn, si keng Zich duerch d'Nuecht op Neijoerschdag ugebueden gin. Den 1. Januar 2021 huet den Déngscht ab 08:00 mueres erëm ugefangen nom Sonndeg/Feierdagshoraire.

   No den Entscheedungen, déi d'Regierung den 22. Dezember 2020 iwwer d'Adaptatioun vum couvre-feu um 21 Auer geholl huet, fir d'Period vum 26. Dezember 2020 bis den 10. Januar 2021 inklusiv, goufen d'Stonnen Déngscht vum ADAPTO Transport ugepasst.

   Fir d'Enn vum Joer 2020 huet den ADAPTO Service zu de folgenden Zäite gefouert:

   Dezember: Enn vum Transport um 20:00 Auer.

   Dezember: Transport tëscht 08:00 an 22:00 Auer.

   Dezember: Transport gëtt tëscht 07:00 an 21:00 Auer.

   Dezember: Transport tëscht 07:00 an 21:00 Auer.

   Januar: Transport gëtt tëscht 08.00 an 21:00 Auer.

   Beneficiairen déi scho Reesen nom couvre-feu gebucht hunn, si vun der Mobilitéitszentral benoriichtegt gin.